ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 8. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Medieminister, den Här Bausseminister, den Här Minister fir Digitaliséierung an un den den Här Minister fir Ekonomie an d'Post weiderzeleeden.

Wat d'5G-Technologie ugeet, do stellen sech aktuell nach ëmmer vill Froen, dorënner och Bedenken déi ekonomescher Natur sinn. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 1431 vum 05. November 2019 huet d'Regierung folgendermoosse geäntwert:

*Wéi stellt sech d'Regierung zu enger eventueller Bedeelegung vu chineseschen Entreprisen um 5G-Reseau zu Lëtzebuerg? Gesäit d'Regierung de Risiko vun enger chinesescher Spionageaktivitéit zu Lëtzebuerg iwwert de Wee vun enger Bedeelegung un neien, technologesche Schlësselariichtungen? Gëtt de Sécherheetskrittär en Element bei de Konditioune fir Operateuren zouzeloossen, déi Frequenze steeë wëllen? Gëtt et eng Lëscht vun Drëttlanner (net-EU ader net-NATO), déi daerfen um Projet SG bedeelegt ginn, respektiv, déi dat net daerfen?*

*Am Moment plangt d'Regierung keng konkret Schrëtt fir den Asaz vun Technologien aus gewësse Lanner am Kär vum Netzwierk ze verbidden. Sollten sech awer nei corroboréiert Fakte presentéieren, da gët eng Reevaluatioun virgeholl.*
*De Sëcherheetskritar muss am Prinzip net un d'Stee vun de Frequenze gekoppelt gin. Den aktuelle legale Kader fir d'Bedreiwe vun elektronesche Kommunikatiounsnetzer an -dëngschter gesait schons Mesure vir, déi d'Sëcherheet an d'Integritéit vun den Netzer an Dëngschter cadréiren. Dës Moossname musse vun all Bedreiwer garantéiert ginn, onofhàngeg aus wéi engem Land d'Entreprise kommen mat deenen de jeweilege Bedreiwer zesummeschafft fir Kommunikatiounsnetzer an -dëngschter unzebidden.*

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Geet den Opbau vum nationale 5G Reseau esou viru wéi geplangt? Gëtt et nei Exigenzen am Beräich vun der internationaler Sécherheet an Onofhängegkeet?
2. Wéi eng Entitéiten aus wéi enge Länner däerfen un der Stee vu Frequenzen deelhuelen? Si verschidde Staaten oder Entreprisë vun dëser Stee ausgeschloss?
3. Wat fir en Impakt hunn déi ëmmer méi kompliziéiert Relatiounen tëscht USA a China, an och der EU a China, op d'5G Technologie, speziell och hei zu Lëtzebuerg?
4. D'COVID-Kris huet gewise wéi wichteg zouverlässeg Reseaue mat grousser Capacitéit fir onst Land sinn. Den Homeschooling, d'Teleaarbecht an aner Facteuren hunn dat däitlech bewisen. Wéi séier gëtt de Reseau vun optesche Fiberen ausgebaut? Wéi ass den aktuelle Kalenner? Ginn 100% vum Territoire duerch d'Post ofgedeckt fir de Service *Public* am ganze Land ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten